



6 Länder Freundschaftstreffen 6 Nations Friendship Tournament AUSTRIA 2019



01.07.19

1. Training op der Donau bei Hainburg an Éisträich

Nodeems mir gëschter Owend mam Fliger zu Wien gelant sinn hunn mir déi lescht 35 km mat 4 Autoen bis op Hainburg hannert eis bruecht.

Hei nach eng Kéier en grouse Merci un den Joachim an den Michel déi sech schonns moies fréi em 3.00 Auer op den Wee gemaach hunn fir eist Fëschermaterial per Minibus an Éisträich ze bréngen.

Den Moien war et dunn esou weit. Fir d'Éischt konnten mir eis Köderen an den risegen Waassermassen vun der Donau erfloossen. Waren mir am Virfeld nach ganz zouversichtlech hei ganz aner Fësch ewéi bei eis op der Musel un den Krop ze kréien, esou méi huet een eis d'Enttäuschung owes ofgesinn! Ausser en puer Gondelen, en puer Blénkerten, enger klenger Plaque, an 4 méi schéinen Fësch déi verluer gaangen sinn haten mir näischt opzeweisen.

Op et dorun louch dass mir déi lescht Box erwëscht haten, oder un aneren Ursaachen, dat hoffen mir muer erauszefannen. Eppes haten mir relativ schnell gemierkt: Un eng eenegermoossen anstänneg Fëscherei ass op dësem Abschnëtt net ze denken well den Fong vun dësem Streckenabschnëtt voll vun Hänken ass, an d'Vitesse mat der Donau hei fléisst Fändelen vun méi ewéi 40 Gramm erfuerdert fir erof op den Fong ze kommen. Dat ëmsou méi well den Waasserstand opgrond vun Héichwaasser nach méi ewéi 1m iwwer dem normalen Stand steet, an dësen Abschnëtt tëschent dem rietsen Ufer an enger Insel leit.

Muer hunn mir Box 5. Dës leit Stroumof zimlech am Ufank vun der Streck wou d'Waasser manner déif an och manner schnell ass.

Hoffen also dass et besser leeft ewéi haut. Jiddefalls wäerten mir manner schweessen well d'Temperatur bei em déi 26 Grad méi agreabel wäert sinn ewéi déi vun haut wou mir bal 40 Grad haten.

Also dann bis muer.



6 Länder Freundschaftstreffen 6 Nations Friendship Tournament AUSTRIA 2019

